N°1906
Entrée le 06.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Den LCGB huet matgedeelt, datt d'Sécherheetsfirma Protection Unit hir Aktivitéiten astellt an ee Repreneur sicht. D'Firma schafft fir eng Villzuel u staatleche Verwaltungen, parastaatlechen Entreprisen a Spideeler zu Lëtzebuerg. Dës Nouvelle kënnt iwwerraschend, well nach den 1te Februar de Kontrakt mat den CFL erneiert gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch Detailer zum neie Kontrakt virleeën, deen d'CFL mat der Firma Protection Unit ënnerschriwwen huet? Wéi eng Servicer gi genotzt, wéi vill bezilt d'CFL dofir a wéi laang geet de Kontrakt?

2. Gouf et eng ëffentlech Ausschreiwung, bevir d'Kontraktverlängerung ënnerschriwwe gouf? Falls jo, ënnert wéi enge Referenznummer? Falls nee, firwat net?

3. Wossten déi Verantwortlech vun den CFL beim Ënnerschreiwe vun der Kontraktverlängerung iwwert d'Pläng vu Protection Unit Bescheed, fir e puer Deeg drop beim Geriicht eng procédure de réorganisation unzefroen?

4. Huet d'CFL virun der Vertragsverlängerung séchergestallt, dass d'Firma finanziell stabill ass? Falls nee, wäert dëst an Zukunft virum Ënnerschreiwe vun esou Kontrakter gemaach ginn?

5. Wien iwwerhëllt elo di Missiounen vu Protection Unit a garantéiert d'Sécherheet bei den CFL?

6. Wäert déi aktuell Situatioun d'Sécherheetslag bei den CFL beanträchtegen?

7. Wéi wäerten d'Aarbechtsplazen vun de Salariéeën bei Protection Unit, déi bei den CFL affektéiert sinn, geséchert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten